N°566
Entrée le 25.04.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

**Äntwert vum Inneminister Léon Gloden op d'parlamentaresch Fro n° 566 vum 3. Abrëll 2024 vum Här Deputéierte Marc Goergen betreffend de Congé politique.**

Den honorabelen Deputéierte freet den Inneminister, ob d'Regierung gewëllt ass, Persounen, déi sech um Niveau vun der Gemeng politesch engagéieren, awer kee Mandat am Gemengerot hunn, e Recht op Congé politique zouzegestoen.

De Benevolat vu Leit, déi sech an hirer Fräizäit fir hir Gemeng asetzen, ass eng wichteg Contributioun zu engem gudden Zesummeliewen op lokalem Niveau. Den Engagement vun all Benevole verdéngt och eng Unerkennung. Dofir huet de Gemengerot d'Méiglechkeet, fir de Membere vun de consultative Kommissioune vum Gemengerot ee Jeton de présence fir d'Reuniounen ze ginn, un deenen si deelhuelen.

D'Situatioun vu Persounen, déi kee politescht Mandat hunn, ass awer net mat där vun de Membere vum Gemengerot, vum Schäfferot a vum Buergermeeschter ze vergläichen. Déi Gewielten hu sëlleg gesetzlech Attributiounen a Flichten, déi si mussen erfëllen an dofir mussen si en contrepartie och ee Recht op Fräistellung oder Entschiedegung vun hirer professioneller Aktivitéit hunn. De Congé politique ass eng Garantie fir d'Ausübung vun den ëffentleche Funktiounen.

Lëtzebuerg, den 25. Abrëll 2024
Den Inneminister
(s.) Léon Gloden